

# REGLEMENT « FUN CHALLENGE CLIÄRREF »

## D'CHALLENGE 2: WONSCHBOX

Dauer: bis den 11. Oktober

Hei ass d'Challenge 2 vun der FUN CHALLENGE CLIÄRREF

Sécher hutt dir Eech och alt scho gesot: "Wat wär dat flott wann et an eiser Gemeng, xxxx géif ginn."

Op dëse Gedanke baséiert sech d'Challenge Nummer 2. Wat wënscht dir Eech ze fannen an der Gemeng Cliärref ?

Et ass awer net nëmmen de Wunsch dee mir wëlle gewuer ginn. Mir géife gäre vun Eech eng 3D-Maquette (Architekter-Maquette) erstallt kréien déi Äre Wunsch esou konkret ewéi méiglech duerstellt. Et handelt sech net ëm eng digital Duerstellung. Dir musst bei dëser Challenge handwierklech aktiv ginn.

D'Maquette soll vun den Dimensiounen hir esou grouss/kleng sinn datt et Eech méiglech ass se ze transportéieren, maximal awer net méi grouss ewéi en DIN A1 Format (Format: 594 x 841 mm). Är Kreatioun soll sech op enger Plattform befannen déi et Eech erméiglecht Är Maquette no der Fäerdegstellung och auszustellen. Dës Plattform kann aus Kartong (carton mousse), Holz (Spanplack) oder soss engem Material sinn.

Dir dierft mat alle Materialien schaffen déi Eech gefalen. Peche, schneide, kniede, mole, spachtelen, ... Ärer Kreativitéit sinn an deem Beräich keng Grenzen gesat. Dir dierft och Up-Cycling maachen a mat Fläschen, Wäistëpp oder soss gebrauchte Materialie schaffen. Der dierft och Elementer aus der Natur fir Är Maquette gebrauchen. Denkt hei drun datt verschidden Elementer riskéieren ze zerfallen oder no e puer Deeg net méi esou ausgesinn wéi frësch gepléckt. Der dierft och Fotoen zur Hëllef huelen. Är Maquette dierf awer net komplett aus Fotoe bestoen.

Mir verlaangen keng professionell Ëmsetzung an kontrolléieren och keng Perspektiven. Är Maquette soll esou gutt ewéi méiglech an de Proportiounen Är Iddi illustréieren.

Zu der Maquette froe mir Eech och kuerz eng schrëftlech Erklärung dozou ofzeginn. Dës Erklärung dierf net méi laang sinn ewéi en DIN A4 (Schrëft: Arial / Gréisst: 10). Dir kënnst Eech op dës Froen baséieren:

1. Wat ass Äre Wunsch / Är Iddi genau (Beschreibung)?
2. Fir wien kënnst Äre Wunsch a Fro (Cible)? Wien huet eppes dovunner ?
3. Wou kënnst dir Eech d'Ëmsetzung vun dësem Projet an der Gemeng virstellen (Plaz/Gebai) ?

Är Kreatioun géife mir natierlech gären och vun alle Säiten ënnert Lupp huelen an dofir froe mir Eech eis Är Maquette mat dem Erklärungsbrëif bis den 11. Oktober op d'Gemeng zu Cliärref ze bréngen. (méindes ass d'Gemeng nëmmen moies op bis 11.30 / D'Ëffnungszäiten fannt der op eiser Internetsäit [www.clervaux.lu](http://www.clervaux.lu)). Schreift de Numm vun Ärer Equipe op Är Maquette (gären och ënnen drënner). Präziséiert och de Numm vum President vum Grupp.

### Punkteverdeelung:

All Grupp dierf nëmmen 1 Maquette ofginn. Et gi keng Fotoen vun der Maquette akzeptéiert.

Nëmmen d'3D Maquette gëtt als Projet uerkannt. Fir d'Ofginn vun der Maquette kritt de Grupp 2 Punkten.

De Jury evaluéiert:

- d'Originalitéit vum Wunsch / vun der Iddi (3 Punkten),
- d'Kreativitéit vun der 3DMAquette (4 Punkten) an
- d'Méiglechkeet vun der konkreter Ëmsetzung vun Ärer Iddi (3 Punkten).

Mir wënschen Eech vill Spaass beim Ausdenken an Ëmsetzen vun Ärer Maquette.